Amicale Elleng A.s.b.l.
Association sans but lucratif
Ierpeldéngerstrooss
L-5690 Elleng
F3851

Bericht: Uerdentlech Generalversammlung vum 10. Mäerz 2023 20h00 am Centre Martialis zu Elleng

1. **Begréissung an Usprooch vum President:**
   De Raymond Goedert mécht d'Generalversammlung op a freet sech doriwwer datt no der Pandemie déi gewinnten Aktivitéiten erëm ulafen, datt villes erëm méiglech gëtt awer datt villes aneschters wäert sinn a ginn. Hien seet alle presente Leit Merci datt si sech Zäit geholl hunn fir de Réckbléck op 2022 an e gemeinsamen Ausbléck op 2023 ze maachen. D'Amicale Elleng, de Comité, d'Memberen an d'Awunner gestalten zesummen d'Duerfliewen.
   Hien weist drop hin datt Zäit vum Ëmdenken komm ass an datt de Veräin zu engem ëmweltfrëndleche Veräin sollt ginn. Een anert wichtegt Thema wat him um Häerz läit ass d'Verkéierssécherheet am Duerf an duerfir soll en Bréif un de Schäffe- a Gemengerot gemaach ginn.
   D'Amicale setzt sech an fir d'Sécherheet vun allen Awunner, sou wéi och fir e liewegen a gemittleche Duerfkär ouni d'Ellenger-Gare an déi 3 Entréeë/Sortien vum Duerf ze vergiessen.

   Et gëtt eng Gedenkminutt fir déi verstuerwe Memberen gemaach an hei gëtt virun allem den Emile Wies ernimmt, deen vun der Ellenger Duerfbün de Sprong op d'Bün vum Burgtheater Wien gepackt huet. Hien ass am Alter vun 92 Joer den 22. Mäerz 2022 gestuerwen.

2. **Aktivitéitsbericht:**
   Mat Hëllef vu projezéierte Fotoen mécht de Marc Bichler den Aktivitéitsbericht vum vergaangene Joer (2022). Niewent den traditionellen Aktivitéiten wéi d'Quetschefest, d'Celsusfeier, den Theater, d'Blummesetzen, d'Kiermesausstellung, de Concert spirituel, an d'Familjefest hunn och Entretiensaarbechten um Material (Teimeren) statt fonnt. Eng nei Aktivitéit, déi erëm opgeholl gouf, ass de Strécktreff, deen Dënschdes vun 19h30 bis 21h30 am Centre Martialis statt fonnt huet.

3. **Keessebericht:**
   De Keessebericht gëtt vum Anne Faber (épouse Promme) virgedroen. D'Aktivitéiten vum Joer 2022 hunn mat engem Iwwerschoss vun 2.989,44€ ofgeschloss. D'Zuel vun den cumuléierten Iwwerschëss vun der Amicale Elléng Asbl läit bei 47.740,31€.
   Am Numm vun de Keeserevisoren Leo Schaus an Marc Beneke confirméiert de Marc eng tadellos Keesseféierung an freet d'Entlaaschtung vum Keessjee. D'Assemblée gëtt dem Keessjee an dem Comité d'Entlaschtung fir 2022.

4. **Wiel vun de Memberen vum Comité:**
   austriedend an erëmwielbar Comitésmemberen: Viviane Weber, Raymond Goedert an Gérard Bichler. Nei an der Comité gewielt gëtt d'Jill Hoenen. D'Keesserevisoren Marc Beneke an Leo Schaus gi confirméiert. D'Cotisatioun fir d'Joer bleift bei 5€ (Eenzelpersounen) an 10€ (Familljebäitrag).

5. Uschléissend gëtt den **Aktivitéitsprogramm, Projet a Budget 2023** virgestallt an ugeholl.

6. **Éierungen:**
   Follgend Comitésmemberen gi geéiert: Jessica Sirres (5 Joer), Magalie Lysiak (7 Joer) an Alain Al Hindy (7 Joer).

7. **Divers:**
   Hei gëtt de Bréif un d'Gemeng a punkto Verkéierssécherheet virgestallt an diskutéiert.

8. **Usprooch vum Buergermeeschter Steve Reckel**.
   Hien lueft d'Aktivitéiten vun der Amicale Elleng a geet op den neien Verdeelungsmodus vun de Veräinssubsiden an. Zum Thema Verkéierssécherheet ass hien der Meenung, datt d'Gemeng schonn vill gemaacht hätt, allerdéngs sinn d'Méiglechkeeten vun der Gemeng, op Staatsstroossen ze intervenéieren, beschränkt.

9. **Schlusswuert vum Vize-President:**
   De Gérard Bichler geet op de würdegen Verlaf vun der Versammlung an, seet alle Leit, déi un der Versammlung deelgeholl hunn Merci fir hiert Kommen a mécht déi uerdentlech Generalversammlung zou.